

# GEMENGEROT

## VUM 15. JULI 2022

**Present:** De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Larry Bonifas (déi gréng) iwwer Videokonferenz, Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär, Marco Haas

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmege uegholl.

### GESCHLOSSE SËTZUNG

#### 1. Service Biergerzenter - Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Karriär B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratioun

Fir de Service Biergerzenter gouf e Kandidat als Gemengebeamten an der Karriär B ernannt.

#### 2. Service Biergerzenter – Ernennung vun engem Gemengebeamten an der Karriär C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Administratioun

Als e weidere Gemengebeamte fir de Biergerzenter huet de Gemengerot e Kandidat an der Karriär C ernannt.

#### 3. Service Ëffentlechkeetsaarbecht – Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Karriär B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratioun mat Klassements- Decisioun

Fir de Service Ëffentlechkeetsaarbecht vun der Gemeng huet de Gemengerot e Kandidat als Gemengebeamten an der Karriär B ernannt.

#### 4. Techneschen Déngscht – Provisoresch Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Karriär B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratioun

An d'Administratioun vum technesche Gemengendéngscht ass e Kandidat als Gemengebeamten an der Karriär B ernannt ginn.

#### 5. Techneschen Déngscht – Promotioun an de Grad 11 vun engem Gemengebeamten an

#### der Karriär B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratioun

De Gemengerot huet e Gemengebeamten an de Grad 11 vun der Karriär B promovéiert.

#### 6. Kommunale Service Erzéiung an Accueil fir Kanner: Ëmännerung vun der Aufgab vun engem Gemengebeamten an der Karriär B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

D'Aufgab vun engem Gemengebeamten an der Karriär B am Gemengeservice Erzéiung an Accueil fir Kanner, ass vun 30 op 36 Wochenstunden erweidert ginn.

#### 7. Kommunale Service Erzéiung an Accueil fir Kanner – Ernennung vu Léierpersonal

De Gemengerot ernannt zwee Kandidaten als Léierpersonal am Gemengeservice Erzéiung an Accueil fir Kanner.

### ËFFENTLECH SËTZUNG

#### MATDEELUNGEN

De Conseiller Guy Breden (CSV) mécht de Rapport iwwer déi läscht Sëtzung vum Gemengesyndikat SIGI wou et ënner anerem ëm de Budget vum SIGI gaangen ass. Och soll op säi Wunsch hin eng Enquête iwwer d'Zefriddenheet vun de Gemenge mam SIGI gemaach ginn, well hien der Meenung ass, datt déi ausgeschaffte Logiciellen gréisstendeels net de Besoine vun de Gemengen nokommen. Och ass festgestallt ginn, datt ganz vill Gemenge mat Programme schaffen, déi net vum SIGI sinn. Dann ass hien och bestëmmt gi fir an engem Aarbechtsgrupp matzeschaffen, deen den Opdrag huet, fir verschidde presuméiert Dysfonctionnement am Syndikat opzueklären. Weider ass hien nach op de Budget vum SIGI agaangen.

D'Conseillère Claudine Meyer (LSAP) deelt mat, datt d'Terrainen an den Industriezonen all vergi sinn, duerfir gëtt elo en Opruff un all Gemenge gemaach, op si nach Terraine fir Industriezonen hätten.

De Conseiller Lucien Koch (CSV) erënnert un d'Invitatioun vum Gemengesyndikat SICA vum 15. September an un d'Porte ouverte am neie Collecte-Gebai den 18. September.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) erënnert un de Succès vum nationale Championnat am Cyclissem zu Nospelt, och wann et do verschidde Reklamatioune vu Riveraine gi sinn. Hie seet den Nospelter Veräiner Merci, déi dat esou kuerzfristeg organiséiert hunn a mat 50 Mann matgeholfen hunn.

#### 8. Bestëmmung vun engem Sall fir d'Gemengerotssëtzungen

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), weist op den Ëmbau vum Gemengesall hin, wou geplangt ass, en zousätzleche Groussraum-Büro ze schafen, woubäi den Hochzäitssall bestoe bleift, mee an der Tëschenzäit sollen d'Sëtzungen weiderhin an zwar bis den 31. Dezember 2023 am Musekssall op Nummer 8 an der Rue du Centre zu Kielen ofgehal ginn. Dës Decisioun ass deelweis och am Kader vun der Lutte géint Pandemie vum Covid-19 geholl ginn.

#### 9. Ëmännerung vum Taxereglement iwwer d'Ersetze vun elektronische Schlösselen, mechanische Schlösselen a Klauschtere vu Chaleten bei Verloscht oder Schued

Well et noutwendeg ass fir d'Tariffer vun den elektronische / mechanische Schlösselen a Schlässer unzepassen, gëtt d'Taxereglement vun 2016 iwwer d'Ersetze vu Schlösselen a Schlässer emgéännert an zwar si bei Verloscht oder Schued vun elektronische Schlösselen oder Badgen 10€ ze bezuelen, bei mechanische Schlösselen 30€ a bei de Schlässer vun de Chaleten 650€. Zousätzlech ginn d'Aar-

bechtsstonne vun der Gemeng facturéiert mat op d'mannst enger Stonn.

### **10. Ëmännerung vum Reglement iwwer d'Subsiden déi am Kader vum Gemenge-Jumelage ausbezuelt ginn**

Am Kader vum Jumelage vun der Gemeng Kielen mat der Gemeng Meckenbeuren an Däitschland ginn op Proposition vum Jumelage-Comité d'Subsiden, déi nach aus dem Joer 2002 stamen, ugepasst. Sou gëtt de Subsid fir den Accueil vun de Gäscht vun 20 op 35 € pro Persoun erhéicht.

### **11. Ëmännerung vum Taxe-Reglement iwwer d'Benotze vun de Gemengesäll an -Ariichtungen**

Well dat grousst Gemengenzelt bei der Tribün vum Stade Albert Berchem och verlount ka ginn, ass decidéiert ginn, dëst och an dat kommunaalt Taxe-Reglement iwwer d'Benotze vun de Gemengesäll an -Ariichtungen ze integréieren.

### **12. Klimapakt 2.0 – Geneemegung vun den Zieler fir d'Haapt-Indikateure vum Programm eea (European Energy Award)**

An enger leschter Sëtzung hat de Klimapaktberoder Här Thierry Lagoda d'Haapt-Indicateure vum Klimapakt 2.0 virgestallt. Well d'Gesetz awer virgesäit, datt d'Gemengen sech mindestens eemol am Joer zu dësen Indicateuren äussere mussen, ginn dës Zieler bis 2030 dem Gemengerot zur Ofstëmmung virgeluecht. Et sinn dëst ënner anerem: Eng Reduktioun vum Waasserverbrauch vun aktuell 128 op 120 Liter pro Awunner; eng Erhéijung vum Verbrauch vun erneierbaren Energien an de Gemengegebaier op 30,5%; eng Reduktioun vum Heizungs-Verbrauch an de Gemengegebaier vun aktuell 163,15 op 112,57 kWh/m<sup>2</sup>; eng Reduktioun vum Stromverbrauch an de Gemengegebaier vun aktuell 49,5 op 49 kWh/m<sup>2</sup>; eng Augmentatioun vun de Fotovoltaik-Anlagen um Terrain vun der Gemeng vun aktuell 3,73 op 30,4%; eng Erhéijung vum Undeel un elektresche Gefierer am kommunale Fierpark vun aktuell 20% op 49%; eng Evolutioun vun der Realisatioun vun de Klimapakt-Zieler vun 1 op 1,5% an eng Erhéijung vun den Energieberodunge pro 1.000 Awunner vun aktuell 6,4 op 10 Awunner.

### **13. Naturpakt – Schafen an Zesummesetze vun enger Natur-Pakt-Equipe**

D'Natur-Pakt-Equipe setzt sech zesummen aus dem Klimaschäfte Marc Bissen als Mem-

ber vum Schäfferot, dem Gemengebeamte Sven Fandel, dem Fieschter Daniel Steichen, dem Vertrieeder vun der Gemenge-Gaardene-kipp Yves Stöver, de Bauere Philippe Matge a Franky Peller, de Membere vum Gaart an Heem Marc Maas a Guy Scholtes, dem Naturpakt-Beroder Fernand Klopp am dem Vertrieeder vum Gemengesyndikat SICONA Eric Rathle.

Dës Ekipp soll d'Richtlinne vum Naturpakt koordinéieren an ëmsetzen.

### **14. Schoulorganisatioun 2022-2023**

D'Schoulorganisatioun vun der Kielener Schoul gesäit fir dat nächst Joer am Precoce 3 Klasse mat insgesamt 56 Kanner vir; am Préscolaire si 7 Klasse mat insgesamt 115 Kanner; am Cycle 2.1 sinn 48 Kanner op 3 Klassen; am Cycle 2.2 67 Kanner op 4 Klassen; am Cycle 3.1 52 Kanner op 3 Klassen; am Cycle 3.2 62 Kanner op 4 Klassen; am Cycle 4.1 47 Kanner op 3 Klassen an am Cycle 4.2 37 Kanner an 3 Klassen. Am Precoce an am Préscolaire sinn deemno 171 Kanner an 10 Klassen an an de Cyclen 2-4 20 Klasse mat 313 Schüler. Dobäi kënn nach eng ënners-tëtzend Klass.

Donieft hält d'Schoulorganisatioun d'Vacanzen, d'Schoulzäiten a -Stonnen, d'Reegele fir d'Schoulkaart an de Schoultransport, fir d'Maison Relais an de Fonctionnement vun der Schoul, fir d'Surveillance, d'Sécherheet an de Schoulen, d'Schoulausflich an d'Classes Découvertes, an d'Relatiounen tëschent den Elteren an der Schoul fest.

De Plan Périscolaire gesäit während der Schoulzäit eng Betreuung fir de Precoce vu 7:00 bis 19:00 Auer zu Ollem vir, am Préscolaire a fir d'Cyclen 2.1 bis 4.2 vu 7:00 bis 19:00 zu Kielen.

De Buergermeeschter weist drop hin, datt hei d'Schoulhoren an de Schoultransport entsprechend ugepasst gi sinn, an datt jee no der Entwécklung vun der Kannerzuel op Elmen am Laf vum Joer nach eng Klass kéint derbäi kommen. Och seet hien der Schoulkommissioun an dem Schoulpersonal Merci fir déi gutt Aarbecht, déi si am Laf vum Joer gemaach hunn.

De Conseiller Guy Breden (CSV) lueft déi exemplaresch Aarbecht an de leschte Joren, geet op de Budget an an op déi nei Badge fir d'Schoulkanner, wann si d'Gebai wiesselen.

### **15. Verschidde Subsiden**

Folgend 16 Hëlleforganisatioune kruten all Kéier e Subsid vun 125€: Parkinson Luxembourg; Hoffnung fir d'Kanner vun Tschernobyl; Médecins sans Frontières; Recherche et information sur l'antisémitisme au

Luxembourg (RIAL); Médecins du Monde; Association Luxembourg Alzheimer; OTM Haïti; Fondation Autisme Luxembourg; Elisabeth Stéftung; SOS Villages d'Enfants Monde; Action pour un Monde Uni; Aide à l'Enfance de l'Inde et du Népal; SOS Faim; Dignity: Croix-Rouge Luxembourgeoise; Ambulanz Wonsch.

## **16. Notariell Akten a Compromisen**

### **16.1. Notariellen Akt iwwer den Ukaf vun enger Parzell zu Kielen**

Den notariellen Akt vum 20. Juni 2022, mat deem d'Gemeng der „Amer-Sil S.A.“ en Terrain an der wirtschaftlecher Aktivitéitszon mat enger Fläch vun 9,22 Ar, agedroen ënner der Nummer 2946/7446 an der Sektoun A vu Kielen, zu engem Präis vun 80.000 € pro Ar, also engem Gesamtpreis vu 737.600 € ofkaaft huet fir den eventuellen Ausbau vum Asaz-Zentrum vun de Pompjeeën an och fir de Bau vun enger Antenne “RENITA” fir de CGDIS, ass vum Gemengerot ugeholl ginn.

### **16.2. Verkafsakt vun enger Parzell zu Nouspelt**

En notariellen Akt vum 13. Juni 2022, mat deem d'Gemeng der S.à.r.l. ImmoFlex vu Gréiwemaacher eng Parzell vun 3 m<sup>2</sup> an der Rue d'Olm, agedroen ënner der Nummer 49/4976 am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektoun C vun Nouspelt, zu engem Präis vun 21 € verkaaft huet, gouf vum Gemengerot approuvéiert.

### **16.3. Akt iwwer d'Gratis-Ofriede vun zwou Parzellen zu Nouspelt**

E weideren notariellen Akt vum 13. Juni 2022 tëschent der ImmoFlex S.à.r.l. vu Gréiwemaacher an der Gemeng vu Kielen reegelt d'Gratis-Ofriede vun zwou Parzellen, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektoun C vun Nouspelt ënner der Nummer 49/4974 an der Rue des Potiers mat enger Fläch vun 1,32 Ar resp. der Nummer 49/4975 an der Rue d'Olm mat enger Fläch vun 48 m<sup>2</sup> déi d'ImmoFlex der Gemeng Kielen gratis iwwerléisst. Och heimat sinn d'Conseillere averstanen.

### **16.4. Compromis bezüglech der Uschafung vun enger Parzell zu Kielen**

D'Conseillere sinn och d'Accord mat engem Verkafs-Versprieche fir eng Parzell vun 0,70 Ar an der Rue de Mamer, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektoun C vun Nouspelt, mat deem d'Famill Anen an d'Madamm Eischen dësen

Terrain fir 700€ un d'Gemeng Kielen verkafe fir Emprisen ze regulariséieren.

### **17. Zousätz zu der béidsäiteger Konventioun vun 2022 iwwer de kommunale Service vun der Erzéiung a vum Accueil vun de Kanner**

Zwee Zousätz zu der béidsäiteger Konventioun vum 11. Mäerz 2022 iwwer de kommunale Service vun der Erzéiung a vum Accueil vun de Kanner gi vum Gemengerot ugeholl. Hei hat de Ministère e Feeler beim „Référentiel temps de travail“ gemellt, dee mat deem Avenant redresséiert gëtt.

### **18. Interkommunale Gemengesyndikat SICONA – Konventioun fir d'Realisatioun vun engem Naturschutz-Projet zu Kielen**

Eng Konventioun mat der Madamm Jeanne Schaeffer erlaabt mat gewëssen Oploen op hirem Terrain „Auf der Rausch“, Kadasterparzellen 1622/4844, 1622/4845, 1648/4772, 1649 a 1652 déi ronn 30 hei bestoend Uebstbeem ze ënnerhalen, mat engem Ofstand vun 12 m, nei Héichstamm-Uebstbeem ze planzen an d'Wiss ze ënnerhalen. D'Konventioun leeft bis den 31.12.2030 an den interkommunale Syndikat SICONA-Südwesten ass fir déi Moossenamen zoustänneg. Dës Konventioun, déi verlängert ka ginn, gëtt vum Conseil ugeholl.

### **19. Konventioun mam Office National de l'Accueil (ONA) iwwer d'Bereetstelle vum Centre culturel vun Nouspelt als provisoreshen Ënnerkomme fir Leit déi vun engem provisoreshen Schutz profitéieren**

Wéi de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) festhält, hat d'Gemeng Kielen nom Iwwerfall op d'Ukrain séier reagiert an de Kulturzenter vun Nouspelt fir déi Leit, déi ënner eng zäitweileg Protektioun falen, zur Verfügung gestallt. De 5. Abrëll sinn och déi éischt Ukrainer hei ukomm, an et hat ee gemengt, déi 66 Plaze wiere séier beluecht, mee haut sinn hei 24 Persounen ënnerbruecht. Well alles huet misse séier goen, gëtt elo eréischt déi noutwendeg Konventioun ënnerschriwwen, mat där d'Gemeng Kielen dem Office National de l'Accueil de Kulturzenter vun Nouspelt gratis fir d'Zäit vum 1. Abrëll bis 30. September 2022 zur Verfügung stellt, fir hei bis maximal 66 Flüchtlingen ënnerzibréngen. D'Iwwerwaachung an d'Verfleegung iwwerhëlt d'ONA. Domat ass de Gemengerot averstanen.

De Conseiller Larry Bonifas (déi gréng) freet, wéini de Sall nees fir d'Veräiner op ass, wat ab dem hallwen Oktober dierft de Fall sinn.

### **20. Spezialkredit fir d'Bereetstelle vun engem provisoreshen Ënnerkomme fir Leit déi vun engem provisoreshen Schutz profitéieren**

Fir d'Fraise vun deem provisoreshen Ënnerkommen ofzedecken (Waasserverbrauch, Stroum, Heizung, Offallentsuegung) gëtt e Spezialkredit um Artikel 3/266/612200/99002 am Budget vu 50.000€ néideg, dee vum Excedent opgefaange gëtt.

### **21. Spezialkredit wéinst de Successiouns-Rechter Hoffelt**

An der Sëtzung vum 11. Mäerz huet de Gemengerot d'Ierfschaft Hoffelt – d'Haus op 14, Grand-rue zu Nouspelt ugeholl. Well net gewosst war, wéi héich déi administrativ finanziell Konsequenze sinn a wéini dës fälleg sinn, ass hei näischt am Budget 2022 virgesinn, duerfir ass e Spezialkredit vu 75.000€ néideg, fir d'Steieren aus deem Successiouns-Recht ze bezuelen, woumat de Gemengerot d'Accord ass.

### **22. Berodend Gemengekommissiounen:**

#### **22.1. Jugendkommissioun: Demissioun vun engem Member**

D'Demissioun vum Här Dirk Kellen aus der Jugendkommissioun gëtt acceptéiert.

#### **22.2. Familjen- a Chancëgläicheitskommissioun: Bestëmmen vun engem Sekretär**

No der Demissioun vum Här Fernand Klein gëtt d'Madamm Marie-Anne Biver-Wildgen op de Posten als Sekretärin designéiert.

#### **22.3. Kulturkommissioun: Ernennung vun engem Member**

No der Demissioun vum Här Fernand Klein gëtt den Här Afonso Filipe Matias Trigo als neie Member an der Kulturkommissioun ernannt.

#### **22.4. Kulturkommissioun: Bestëmmen vun engem Sekretär**

No der Demissioun vum Här Fernand Klein gëtt den Här Afonso Filipe Matias Trigo op de Posten als Sekretär designéiert.

### **22.5. Ëmwelt- a Verkéierskommissioun: Demissioun vun engem Member**

De Gemengerot hëlt d'Demissioun vum Här Jonah Neuser aus der Ëmwelt- a Verkéierskommissioun un, dee säi Posten opgëtt, well hien an eng aner Gemeng plënnert.

### **23. Opdeele vun engem Terrain um Boulevard Robert Schumann zu Ollem**

Op Wonsch vun der Casa Pro Concept soll en Terrain um Boulevard Robert Schuman, Kadasternummer 699/1834 vu Kielen, Sekt-ioun B vun Ollem, mat enger Surface vun 8,57 Ar op zwee Terraine vu 4,20 resp. 4,37 Ar opgedeelt ginn, woumat d'Conseilleren d'Accord sinn.

### **24. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot**

De Gemengerot confirméiert siwen dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot, an zwar:

- zu Meespelt an der Rue de Kopstal an an der Rue de Keispelt
- zu Kielen an der Rue A Bäichel an an der Rue Schaarfeneck
- tëschent Dondel an Nouspelt
- zu Keespelt an der Rue de Kopstal
- zu Kielen an der Rue des Romains
- zu Kielen an der Rue de Schoenberg
- Zu Kielen an der Rue de Mamer.

Ofschlëssend seet de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) de Conseillere Merci fir hir Mataarbecht an enger ustrengender Saison mat ville konstruktiven Diskussiounen an hofft, dass si all no de Summerméint erholl nees untriede kënnen.

# CONSEIL COMMUNAL DU 15 JUILLET 2022

**Présents:** Le bourgmestre Félix Eischen (CSV), les échevins Marc Bissen (LSAP) et Romain Kockelmann (CSV), les conseillers communaux, Larry Bonifas (déi gréng) par visioconférence, Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) et André Noesen (déi gréng); le secrétaire communal, Marco Haas

**Excusés:** /

**Début de la séance:** 08.30 heures

Tous les points de l'ordre du jour ont été approuvés à l'unanimité.

## SÉANCE À HUIS CLOS

### 1. Service Biergerzenter - Nomination d'un fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif

Un candidat est nommé fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B pour le service « Biergerzenter »

### 2. Service Biergerzenter - Nomination d'un fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif

Comme deuxième fonctionnaire communal pour le service « Biergerzenter », le conseil communal nomme un candidat dans la catégorie de traitement C.

### 3. Service Relations publiques - Nomination d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous- groupe administratif avec décision de classement

Pour le service Relations publiques de la commune, le conseil communal nomme un candidat comme employé communal dans la catégorie d'indemnité B.

### 4. Service technique - Nomination provisoire d'un fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif

Pour les besoins de l'administration du service technique communal, le conseil désigne un candidat comme fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B.

### 5. Service Technique - Promotion au grade 11 d'un fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif

Également dans l'administration du service technique communal, le conseil communal promeut un fonctionnaire dans le grade 11.

### 6. Service d'éducation et d'accueil communal pour enfants - Modification de la tâche d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho social

La tâche d'un employé communal dans le service éducation et accueil pour enfants est augmenté de 30 à 36 hrs/semaine.

### 7. Service d'éducation et d'accueil communal pour enfants — Nominations de personnel éducatif

Le conseil communal nomme deux candidats, comme personnel éducatif pour le service d'éducation et d'accueil communal pour enfants.

## SÉANCE PUBLIQUE

## COMMUNICATIONS

Le Conseiller Guy Breden (CSV) informe le conseil communal sur la dernière séance du syndicat intercommunal SIGI où l'on a discuté e.a. le budget syndical. Sur demande du rapporteur, une enquête de satisfaction sera effectuée auprès des communes-membres, puisqu'à son avis les logiciels élaborés ne répondent en grande partie pas aux besoins des Communes. On a également constaté que bon nombre de communes utilisent des logiciels qui ne proviennent pas du syndicat. Enfin, le conseiller a

été nommé dans un groupe de travail du SIGI lequel sera en charge de la clarification de certains dysfonctionnements présumés au sein du syndicat et il informe sur le budget du syndicat.

La conseillère Claudine Meyer (LSAP) informe qu'aucun terrain n'est plus disponible dans les zones industrielles, raison pour laquelle un appel est lancé aux communes d'indiquer des terrains disponibles comme zone industrielle.

Le conseiller Lucien Koch (CSV) rappelle l'invitation du syndicat intercommunal SICA pour l'ouverture le 15 et pour la porte ouverte le 18 septembre du nouveau bâtiment-collecte.

Le bourgmestre Félix Eischen (CSV) rappelle le succès du Championnat national de cyclisme à Nospelt, même si diverses réclamations ont été reçues de la part de riverains. Il remercie les associations de Nospelt pour l'organisation à court terme et qui ont mobilisé 50 personnes pour aider.

### 8. Désignation d'un local pour les réunions du conseil communal

Le bourgmestre Félix Eischen (CSV) informe sur la transformation de la salle de séance du conseil communal où l'on projette d'installer un bureau à espace ouvert, tandis que la salle des mariages reste inchangée. Entretemps, les séances du conseil communal se tiendront, et ce jusqu'au 31 décembre 2023, dans la salle des fêtes « Museksall » au 8, rue du Centre à Kehlen. Cette décision est en partie également prise dans le cadre de la lutte contre la pandémie de la maladie Covid-19.

### 9. Modification du règlement-taxe concernant le remplacement de clés électroniques, clés mécaniques et cadenas de chalets en cas de perte ou de détérioration

Puisqu'il y a lieu d'adapter les tarifs pour clés électroniques / mécaniques / cadenas, le règlement-taxe de 2016 sur le remplacement de clés et cadenas est modifié. En cas de perte ou de détérioration des clés ou badges électroniques, la taxe est dorénavant fixée à 10 €. Pour les clés mécaniques cette taxe est fixée à 30 € et pour

les cadenas de chalets à 650€. Les heures de travail sont facturées en plus avec au moins une heure par cas.

## 10. Modification du règlement relatif aux subsides à allouer dans le cadre du jumelage communal

Dans le cadre du jumelage communal entre la commune de Kehlen et celle de Meckenbeuren en Allemagne et sur proposition du comité du jumelage, les subsides datant de 2002 sont adaptés. Ainsi le subside pour l'accueil des hôtes est augmenté de 20 à 35€ par personne.

## 11. Modification du règlement-taxe concernant l'utilisation des salles et installations de la commune de Kehlen

Comme la grande tente communale installée près de la tribune du Stade Albert Berchem à Kehlen est disponible à la location, il est décidé d'incorporer ce lieu dans le règlement-taxe communal concernant l'utilisation des salles et installations de la commune de Kehlen.

## 12. Pacte Climat 2.0 - Approbation des objectifs pour les indicateurs clés du programme eea (European Energy Award)

Dans une récente séance du conseil communal, le conseiller pacte climat M. Thierry Lagoda a présenté les indicateurs clés du pacte climat 2.0. Comme le prévoit la loi, les communes doivent s'exprimer au moins une fois par an sur ces indicateurs. Ces objectifs sont présentés au conseil communal pour vote. Ces objectifs sont entre autre : une réduction de la consommation d'eau d'actuellement 128 à 120 l par citoyen, une majoration de la consommation d'énergies renouvelables dans les bâtiments communaux à 30,5 %, une réduction de la consommation du chauffage dans les bâtiments communaux de 163,15 à 112,57 kWh/m<sup>2</sup>; une réduction de la consommation électrique dans les bâtiments communaux de 49,5 à 49 kWh/m<sup>2</sup>, une augmentation des installations photovoltaïques sur le terrain de la commune de 3,73 à 30,4 %, une augmentation de la part des véhicules électriques dans le parc à voitures de la commune de 20 à 49 %, une évolution des objectifs du pacte climat de 1 à 1,5 % et une augmentation des conseils en énergie par 1 000 habitants d'actuellement 6,4 à 10 habitants.

## 13. Pacte Nature - création et composition d'une (Equipe Pacte Nature)

L'équipe pacte nature se compose de l'échevin responsable du climat Marc Bissen comme

membre du collège échevinal, de l'employé communal Sven Fandel, du préposé de la nature et des forêts territorialement compétent Daniel Steichen, du membre de l'équipe jardinage du service de régie communal Yves Stöver, des agriculteurs Philippe Matge et Franky Peller, des membres du Coin de Terre et du Foyer Marc Maas et Guy Scholtes, du conseiller pacte nature Fernand Klopp et d'un représentant du syndicat intercommunal SICONA Eric Rathle.

Cette équipe est censée coordonner et mettre en œuvre les indicateurs clés du pacte nature.

## 14. Organisation scolaire 2022-2023

L'organisation scolaire de l'école de Kehlen prévoit pour l'année suivante trois classes avec en tout 56 enfants dans le précoce, sept classes avec 115 enfants dans le préscolaire, dans le cycle 2.1 48 enfants sont répartis sur trois classes, au cycle 2.2 67 enfants dans quatre classes, au cycle 3.1 52 enfants dans trois classes, au cycle 3.2 62 enfants dans quatre classes, au cycle 4.1 47 enfants dans trois classes et au cycle 4.2 37 enfants dans trois classes.

Le précoce et le préscolaire comptent donc 171 enfants dans dix classes, tandis que les cycles 2 à 4 forment 20 classes avec 313 écoliers. À cela s'ajoute une classe d'appui.

L'organisation scolaire fixe également les vacances, périodes et heures des classes, les règles pour la carte d'école et le transport scolaire, pour la Maison Relais et le fonctionnement de l'école, de la surveillance, la sécurité dans les écoles, les excursions et classes découvertes ainsi que les relations entre parents et l'école.

Le plan périscolaire prévoit pendant les périodes de cours un accueil pour le précoce de 7 à 19 heures à Olm ainsi que pour le préscolaire et les cycles 2.1 à 4.2 de 7 à 19 heures à Kehlen.

Le bourgmestre note que les horaires scolaires tout comme le transport scolaire ont été modifiés et que, selon l'évolution du nombre d'enfants à Elmen, une classe supplémentaire pourrait devenir nécessaire.

Le bourgmestre remercie la commission scolaire tout comme le personnel enseignant pour son excellent travail au cours de l'année.

Le conseiller Guy Breden (CSV) souligne le travail exemplaire des dernières années avant d'aborder le budget et les nouveaux badges pour les écoliers s'ils changent de bâtiment.

## 15. Subsides divers

Les 16 organisations humanitaires ont reçu chacune un subside de 125€: Parkinson Luxembourg; «*Hoffnung fir d'Kanner vun Tschernobyl*»; Médecins sans Frontières; Recherche et information sur l'antisémitisme au Luxembourg (RIAL); Médecins du Monde;

Association Luxembourg Alzheimer; OTM Haïti; Fondation Autisme Luxembourg; «*Elisabeth Stéftung*»; SOS Villages d'Enfants Monde; Action pour un Monde Uni; Aide à l'Enfance de l'Inde et du Népal; SOS Faim; «*Dignity*»; Croix-Rouge Luxembourgeoise; «*Ambulanz Wonsch*».

## 16. Actes notariés et compromis

### 16.1. Acte pour l'acquisition d'une parcelle à Kehlen

L'acte notarié du 20 juin 2022, par lequel la Commune achète un terrain appartenant à «*Amer-Sil S.A.*» dans la Zone d'Activités Économiques, avec une surface de 9,22 ares, inscrit dans le cadastre de la commune de Kehlen, section A de Kehlen, sous le no 2946/7446 pour un prix de 80 000€ par are, soit à un prix total de 737 600€ pour y installer un parking pour le service régie de la commune resp. pour l'extension éventuelle du centre d'intervention des pompiers et également pour la construction d'une antenne dite RENITA pour le CGDIS est approuvé par le conseil.

### 16.2. Acte pour la vente d'une parcelle à Nospelt

Un acte notarié du 13 juin 2022, par lequel la Commune cède une parcelle de 3 m<sup>2</sup> dans la rue d'Olm, inscrite dans le cadastre de la commune de Kehlen, section C de Nospelt sous le no 49/4976 à la s.à r.l. Immoflex de Grevenmacher pour un prix de 21€ est approuvé par le conseil communal.

### 16.3. Acte de cession gratuite de deux parcelles à Nospelt

Un acte de cession gratuite du 13 juin 2022 entre l.s.à r.l. Immoflex de Grevenmacher et la Commune de Kehlen règle la cession de deux parcelles, inscrites dans le cadastre de la commune de Kehlen dans la section C de Nospelt sous le no 49/4974 dans la rue des Potiers avec une surface de 1,32 ares resp. le no 49/4975 dans la rue d'Olm avec une surface de 48 m<sup>2</sup> que l'Immoflex cède gratuitement à la commune de Kehlen. Ceci trouve également l'accord des conseillers.

### 16.4. Compromis de vente pour l'acquisition d'une parcelle à Kehlen

Les conseillers sont également d'accord avec un compromis de vente concernant une parcelle de 0,70 are dans la rue de Mamer, inscrite au cadastre de la commune de Kehlen dans la section C de Nospelt, que la famille Anen et Mme Eischen vendront à la commune de Kehlen pour régulariser les emprises.

## 17. Avenants aux conventions bipartites 2022 relatives aux Services d'éducation et d'accueil communaux pour enfants

Deux avenants aux conventions bipartites du 11 mars 2022 concernant le service d'éducation et d'accueil communal pour enfants sont approuvés par les conseillers. Ici le ministre a trouvé des erreurs concernant le référentiel temps de travail qui ont été redressées par cet avenant.

## 18. Syndicat intercommunal SICONA - Convention concernant la réalisation d'un projet de protection de la nature à Kehlen

Une convention conclue avec Madame Jeanne Schaeffer permet, sous certaines conditions, d'entretenir sur son terrain « Auf der Rausch », parcelles cadastrales 1622/4844, 1622/4845, 1648/4772, 1649 et 1652 quelque 30 arbres fruitiers et de planter ici, avec une distance de 12 m, des arbres fruitiers à hautes tiges ainsi que d'entretenir le pré. La convention dure jusqu'au 31 décembre 2030 et peut être prolongée. Le syndicat intercommunal SICONA Sud-Ouest est responsable des mesures à prendre.

## 19. Convention avec l'ONA relative à la mise à disposition du Centre Culturel de Nospelt comme structure d'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire

Le bourgmestre Félix Eischen (CSV) note que la commune de Kehlen a réagi très rapidement après l'attaque de l'Ukraine et a mis à disposition le centre culturel de Nospelt pour des bénéficiaires de protection temporaire. Le 5 avril, les premiers réfugiés ukrainiens y sont arrivés et on craignait que les 66 places disponibles seraient vite occupées, mais aujourd'hui seulement 24 personnes y sont logées.

Puisqu'on a dû agir vite, la convention nécessaire n'est souscrite que maintenant. Cette convention stipule que la commune de Kehlen met gratuitement à disposition de l'Office National de l'Accueil le centre culturel de Nospelt pour la période du 1er avril au 30 septembre 2022 pour y héberger jusqu'à 66 réfugiés, l'ONA étant responsable de la surveillance et du ravitaillement. Cette convention est approuvée par tous.

Le conseiller Larry Bonifas (déi gréng) demande quand la salle sera de nouveau disponible pour les associations, ce qui sera le cas vers la mi-octobre.

## 20. Crédit spécial concernant la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire

Un crédit spécial de 50 000 € pour financer les frais d'entretien de cet hébergement provisoire (consommation d'eau et d'électricité, chauffage, nettoyage, élimination des déchets) est approuvé par les conseillers et inscrit au budget comme article 3/266/612200/99002 alimenté par l'excédent du service.

## 21. Crédit spécial concernant les droits de succession Hoffelt

Dans sa séance du 11 mars, le conseil communal a accepté la succession Hoffelt – maison au 14, Grand-rue à Nospelt. Comme ni le montant ni la date des conséquences financières administratives n'étaient connus, aucun montant n'a été prévu au budget 2022. Pour cette raison, un crédit spécial est nécessaire pour un montant de 75.000,00 € pour régler les impôts de ce droit de succession ce qui est approuvé par le conseil communal.

## 22. Commission consultatives communales

### 22.1. Commission de la Jeunesse: démission d'un membre

La démission de M. Dirk Kellen de la commission de la jeunesse est approuvée.

### 22.2. Commission de la famille et de l'égalité des chances: désignation d'un secrétaire

Après la démission de M. Fernand Klein de la commission de la famille et de l'égalité des chances, Mme Marie-Anne Biver-Wildgen est désignée comme secrétaire.

### 22.3. Commission des affaires culturelles: nomination d'un membre

À la suite de la démission de M. Fernand Klein, M. Afonso Filipe Matias Trigo est nommé nouveau membre de la commission des affaires culturelles.

### 22.4. Commission des affaires culturelles: désignation d'un secrétaire

Également après la démission de M. Fernand Klein, M. Afonso Filipe Matias Trigo est désigné comme secrétaire de la commission des affaires culturelles.

## 22.5. Commission de l'environnement, de la circulation et de la mobilité douce: démission d'un membre

Le conseil communal accepte la démission de M. Jonah Neuser de la commission de l'environnement et de la mobilité douce par suite de son déménagement dans une autre commune.

## 23. Lotissement d'un terrain à Olm sur le boulevard Robert Schuman

Sur demande de la Casa Pro Concept, un terrain au boulevard Robert Schuman, numéro cadastral 699/1834 de Kehlen, section B de Olm avec une surface de 8,57 ares sera divisé en deux terrains de 4,20 resp. 4,37 ares, ce qui trouve l'accord des conseillers.

## 24. Confirmation de règlements de circulation d'urgence du collège des bourgmestre et échevins

Le conseil communal confirme sept règlements de circulation d'urgence du collège échevinal, soit:

- À Meispelt, dans la rue de Kopstal et la rue de Keispelt
- À Kehlen, dans la rue A Bäichel et dans la rue Schaarfeneck
- Entre Dondelange et Nospelt
- À Keispelt, dans la rue de Kopstal
- À Kehlen, dans la rue des Romains
- À Kehlen, dans la rue de Schoenberg
- À Kehlen, dans la rue de Mamer.

Pour conclure, le bourgmestre Félix Eischen (CSV) remercie les conseillers pour leur collaboration pendant une saison difficile avec beaucoup de discussions constructives et il espère les revoir tous bien reposés après l'été.